Visitt LuxAirport (Matinée en entreprise LMRL 2026)

Den 23. Mäerz 2026, hunn d'4e aus dem LMRL wéi all Joer eng Matinée en Entreprise gemaach, dat heescht, se sinn eng Entreprise besiche gaang an kruten iwwert déi verschidde Beruffsméiglechkeeten an där Branche erzielt.

Ech war deen Dag am Grupp fir bei LuxAirport, um Findel. Begleet vum Här Nilles si mir muerges um 8 :00 mam ëffentlechen Transport bei de Fluchhafe gefuer. Hei goufe mir vun enger Madame aus dem Infostand vum Fluchhafe begréisst. Si ass och déi, déi d'Visitt mat ons gemaach huet. Ugefaang hu mer bei de Schaltere vum Check-In, hei krute mer erkläert, wat wierklech hannert dem Beruff vum Check-In-Agent stécht. Dono si mer duerch d'Sécherheetskontroll gaang a konnte kuerz iwwert d'Schëller vun de Sécherheetsagente kucken. Dunn si mer a Richtung Gates gaang, fir genee an den Terminal B. Hei konnte mir de Beruff vum TRC (Turnaround Coordinator) kenneléieren, dee fir den Oflaf vum Beluede vum Fliger zoustänneg ass. Hien huet ons erkläert, dass hien d'ganz Verantwortung dréit, fir d'Pünktlechkeet vum Start respektiv der Landung an fir d'Virbereedung vum Fliger ass. Dunn si mir eng Kéier bei déi grouss Fënster vum Terminal gaang fir d'Fligeren ze gesinn a vu wou een och op de LuxAirpot-Businessterminal gesäit. Hei kommen nämlech alleguerten d'VIPs un déi mam Fliger fléien, wéi zum Beispill d'Ministeren, de Grand-Duc oder wéi 2024 och de Poopst.

Dunn hate mer dat grousst Gléck eng Crew vun engem Luxair-Vol ze begéinen, déi do grad hie Paus haten. D'Piloten an d'Fluchbegleederinnen hunn ons e bësse méi vun hirem stressege Job erzielt, mee dass een och vill vun der Welt gesäit.

Dunn ass et scho lues a lues zum Enn vun onserer Visitt komm, mee als kréinenden Ofschloss duerfte mir eng Kéier an d'Business-Lounge vun der Luxair rakucken, wou d'Passageire vun der Business-Class nach roueg eppes iesse kënnen éiert se an de Fliger klammen.

Mier soe LuxAirport villmools merci, dass si ons dee Bléck hannert d'Kullisse vum Fluchhafen erméiglecht hunn.

Loris